N°4356
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés

D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel a Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, Här Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°4356 vum éierbaren Deputéierten Här Sven Clement**

**1. Wéi schätzt d'Regierung de Risiko vu Massegräueltaten zu El-Obeid an an der Regioun Kordofan an, a wéi eng Schrëtt huet Lëtzebuerg - bilateral oder am Kader vun der EU an der UN - ënnerholl, fir ze hëllefen, eng Widderhuelung vun El-Fasher ze verhënneren?**

Lëtzebuerg war eent vun deenen éischte Länner am Mënscherechtsrot, déi am November 2025 a Februar 2026 d'Fro vum Risiko vu weidere Mënscherechtsverletzungen am Darfur a Kordofan opgeworf hunn. Am Juni 2026 ass Lëtzebuerg och wärend dem Debat urgent intervenéiert. An dësen Interventiounen huet Lëtzebuerg haaptsächlech fir en humanitäre Waffestëllstand, e sécheren Accès fir Zivilisten a Respekt vum internationale humanitäre Recht plaidéiert.

**2. Huet Lëtzebuerg sech der gemeinsamer Erklärung vum 18. Juni 2026 zu El-Obeid ugeschloss? Wann net, firwat net, an huet d'Regierung d'Intentioun, eng vergläichbar Initiativ z'ënnerstëtzen?**

Lëtzebuerg ass aktuell kee Member vun der *Coalition for the Prevention of Atrocities*, déi d'Auteure vun dëser Initiativ sinn. D'Méiglechkeet, datt d'EU dëser Initiativ bäitrëtt, steet am Moment zur Diskussioun. Déi eskaléierent Gewalt zu El Obeid bleift eng eescht Suerg, wéi an der leschter EU-Deklaratioun vum 10. Juli 2026 bestätegt gouf. Onofhängeg vun där doter Initiativ ënnerstëtzt Lëtzebuerg déi international Beméiungen fir eng verhandelt a nohalteg Léisung vum Konflikt am Sudan ze fërderen. D'EU steet a reegelméissegem Kontakt mat béide Konfliktparteien a setzt sech fir e politeschen Dialog an e Waffestëllstand an. Gläichzäiteg bleift d'Rechenschaftspflicht eng Prioritéit fir d'EU a Lëtzebuerg, notamment duerch d'Ënnerstëtzung vun internationale Justiz-Mechanismen, dorënner den Internationale Strofgeriichtshaff (CPI), souwéi duerch geziilt Sanktioune géint verantwortlech Persounen an Entitéiten.

**3. De Regime vu restriktive Mesurë vun der EU géint de Sudan lëscht aktuell Persounen op, déi souwuel mat der RSF wéi och mat der SAF verbonne sinn. Huet d'Regierung d'Intentioun, sech am Rot fir eng Ausweidung vum Regime op déi finanziell, logistesch a Söldner-Rekrutéierungsnetzwierker anzesetzen, déi déi krichsféierend Parteien ënnerhalen, dorënner extern Acteuren, déi Waffeliwwerungen am Verstouss géint d'UN-Embargo (Resolutiounen 1556/1591) erméiglechen?**

Den EU-Sanktouns-Regimm géint de Sudan, deen den 9. Oktober 2023 agefouert gouf, ass zanterhier reegelméisseg ausgebaut ginn op Persounen an Entitéiten, déi mat der Rapid Support Forces (RSF), der Sudanese Armed Forces (SAF) oder hirem Ëmfeld a Verbindung stinn. Am Kader vun der aktueller Revisioun leien nei Informatiounen a Beweiser fir verschidde sanktionéiert Persounen an Entitéite vir. Lëtzebuerg ënnerstëtzt zesumme mat den anere EU-Memberstaaten d'Verlängerung vum Regimm an d'Bäibehale vun den aktuellen Aschreiwungen op der Sanktounslëscht. Parallel dozou gëtt den europäesche Kader schonn op d'Finanzéierungsstrukture vum Konflikt ausgedeent. Rezent Mesurë viséiere Finanzéierungsquelle vun de krichsféierende Parteien, wéi z.B. de Goldhandel. D'Weiderentwécklung vum Sanktiouns-Regimm wäert en Diskussiounsthema tëscht den EU-Memberstaaten bleiwen.

**4. A senger Resolutioun vum 27. November 2025 huet d'Europäescht Parlament eng Evaluatioun vun enger méiglecher Aschreiwung vun der RSF op d'EU-Terrorlëscht gefuerdert. Esou eng Aschreiwung (Gemeinsam Positioun 2001/931/CFSP) setzt eng virausgaangen Decisioun vun enger zoustänneger nationaler Autoritéit vun engem Memberstaat viraus. Wéi ass d'Positioun vun der Regierung, an ass esou eng Decisioun um nationalen Niveau a Betruecht gezu ginn?**

Eng méiglech Opnam vun den RSF op d'EU-Terrorlëscht misst zesumme mat aneren EU-Memberstaaten am Aklang mat den EU-interne Bestëmmungen iwwerpréift ginn. No der Gemeinsamer Positioun 2001/931/CFSP setzt eng Aschreiwung op d'EU-Terrorlëscht eng viregt Decisioun vun enger zoustänneger nationaler Autoritéit viraus. Dës Decisioun muss sech op d'Ouverture vun enger Enquête, Poursuiten oder eng Veruerteelung, am Zesummenhang mat engem terroristeschen Akt bezéien, op Basis vu seriöen a glafwierdegen Indicen oder Beweiser. D'Decisioun vun der Initiatioun vun esou Prozedure fält an de Kompetenzberäich vun den zoustännege nationalen Autoritéiten.

**5. Déi selwecht Resolutioun huet d'Ernennung vun engem EU-Sonderbeoptraagten fir de Sudan gefuerdert, e Posten, deen onbesat bleift. Ënnerstëtzt d'Regierung dës Ernennung beim Europäeschen Aussendéngscht (EEAS)?**

D'Ernennung vun engem Spezialvertrieder vun der EU spezifesch fir de Sudan steet am Moment net zur Diskussioun tëschent den EU-Memberstaaten. De Sudan ass scho vum Mandat vun der Spezialvertriederin vun der EU (EUSR) fir d'Corne vun Afrika, der Madame Annette Weber, ofgedeckt. D'Madame Weber an hir Equipe stinn a reegelméissegem Kontakt mat de Konfliktparteien, regionale Partner, internationalen Acteuren an der Zivilgesellschaft. De Virdeel vun hirer Roll als Spezialvertriederin fir d'Corne vun Afrika besteet doranner, de Konflikt am Sudan an engem méi breede regionale Kontext ze analyséieren an unzegoen ze kënnen.

**6. Wéi eng humanitär Ënnerstëtzung huet Lëtzebuerg geleescht, oder huet d'Intentioun ze leeschten, fir déi koordinéiert Reaktioun op d'Kris am Sudan - besonnesch wat den humanitären Zougang zu Kordofan an d'Reaktioun op geschlechtsspezifesch Gewalt (GBV) ugeet, déi d'UN an engem dramateschen Ausmooss mellt?**

Lëtzebuerg steet weiderhin un der Säit vum sudaneesesche Vollek. Zënter dem Ufank vum Konflikt hu mir bis zu dësem Zäitpunkt méi wéi 8 Milliounen Euro mobiliséiert fir d'Noutfallaktiounen z'ënnerstëtzen, iwwer eis international humanitär Partner wéi OCHA, de CICR, d'FICR, den UNHCR an de PAM/WFP, souwéi iwwer eis lëtzebuergesch Partner-ONGen. Lëtzebuerg huet de 15. Abrëll dëst Joer un enger humanitärer Konferenz fir de Sudan zu Berlin deelgeholl an huet sech am Kader dovun, zesumme mat den EU-Memberstaaten, fir onbehënnerten humanitären Accès agesat an en Appell gemaach, fir kritesch Versuergungsrouten op ze halen, fir de kontinuéierleche Floss vun humanitärer Hëllef an d'Regioun ze garantéieren.

Fir 2026 goufe bis elo scho ronn 2 Milliounen Euro déboursséiert. Lëtzebuerg contribuéiert zousätzlech och järlech an den *Immediate Response Account*, e flexibele Noutfong vum Welternärungsprogramm (PAM/WFP). Dëse Fong huet et Ufank Juli 2026 erméiglecht, zousätzlech Finanzmëttel fir Noutfallaktivitéiten zu El Obeid (Nord-Kordofan) an Tawila (Nord-Darfur) bereet ze stellen.

Lëtzebuerg ass ganz besuergt iwwer d’Ausmooss vu geschlechtsspezifescher Gewalt, wéi se vun de Vereenten Natioune gemellt gëtt. Am Beräich vum Schutz ënnerstëtzt Lëtzebuerg am Sudan dofir och Interventiounen, déi op d'Preventioun an d'Bekämpfung vu geschlechtsspezifescher Gewalt (*Gender-based violence,* GBV) ausgeriicht sinn. Dës Moossname kombinéiere WASH-Servicer (*Water, Sanitation, and Hygiene*) mat Sensibiliséierungsaktiounen, Sécherheetsanalysen, der Verdeelung vun Hygièneskitten, finanziell Ënnerstëtzung a Schutzservicer fir besonnesch vulnerabel Persounen. Gläichzäiteg gëtt d'Participatioun, d’’Stäerkung an d'wirtschaftlech Autonomie vu Fraen a Meedercher gefërdert, fir hir Resilienz an engem schwéieren humanitäre Kontext nohalteg ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2026

Minister fir auswäerteg
Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel